ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Bedéngt duerch de Krich an der Ukrain stellen sech ëmmer méi Froen am Hibléck op d'Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel. Esou wuel Russland, wéi och d'Ukrain ware mat déi gréissten Exporteure vu Kären a weidere Liewensmëttel, déi och fir d'Hierstellung vu Fuddermëttel gebraucht ginn. An deem Kontext héiert een och hei am Land, ë.a. vu verschiddene Landwirtschaftsvertrieder, datt Lëtzebuerg eng gewësse landwirtschaftlech Autarkie misst ustriewen, fir esou méi onofhängeg vun internationale Konflikter, déi en Afloss op d'Ernierungssécherheet kënnen hunn, ze agéieren. Kuerzfristeg stellt sech an deem Kontext déi pertinent Fro, ob Lëtzebuerg net elo direkt sollt Gréngland fir d'landwirtschaftlech Notzung brauchbar maachen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Denkt d'Regierung driwwer no, elo direkt op de Wee ze goen, fir Gréngland als Akerland brauchbar ze maachen, fir datt eis Bauere beschtefalls nach dëst Joer méi Terrainen zur Verfügung hunn, fir Fudder- an/oder Liewensmëttel unzebauen? Wéi gesäit hei déi gesetzlech Basis aus fir dës Prozedur?
2. Wa jo, wéi eng konkret Schrëtt gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir dëst esou séier wéi méiglech ëmzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten